PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 08/07/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Verschidde Ministèren verschécken mëttlerweil Bréiwer, op deenen ee QR-Code um Blat opgedréckt ass. Wien versicht de QR-Code fir eng Echtheetsprüfung bei *gouvcheck.lu* ze notzen, dee gëtt enttäuscht, well de QR-Code op dëser Plattform als "invalid" erkannt gëtt. Beim Dekodéiere vun de QR-Coden fënnt een allerdéngs verschidden Informatiounen. Beim Bréif fir d'Verdeele vun de gratis Masken aus dem Juni 2020 fënnt een zum Beispill, datt de QR-Code den Numm "Data_Matrix" dréit an d'Coden op all Säit vum Bréif ënnerschiddlech sinn. D'QR-Coden variéieren doriwwer eraus jee no Destinatär vum Bréif.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat genee beinhalt dee Marquage vu ministerielle Bréiwer? Beinhalt de QR-Code perséinlech Donnéeën? Falls jo, wéi eng an op wéi enger legaler Basis ginn se erhuewen a wat ass d'Verbindung tëschent dem QR-Code an de perséinlechen Donnéeën?

2. Kéint mat dësem QR-Code ee Suivi gemaach ginn, zum Beispill am Kontext vun der Verdeelung vun de Masken, wien seng Maske siche war a wien net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député